KREATIOUN

# Hänsel a Gréidel

Cosimo Suglia • Daliah Kentges



grand théâtre



# HÄNSEL A GRÉIDEL

## COSIMO SUGLIA • DALIAH KENTGES
## FRÄI ADAPTÉIERT NOM MÄRCHE
## VUN DE BRIDDER GRIMM

KREATIOUN

**Sonndes, de 14. & 21.* Dezember 2025 ëm 17.00 Auer**
**Donneschdes, den 18., Samsdes, den 20.**
**& Dënschdes, den 23. Dezember 2025 ëm 18.30 Auer**
**Schoulvirstellungen Dënschdes, de 16.**
**& Mëttwochs, de 17. Dezember 2025 ëm 10.00 Auer**
**Am Groussen Theater**

•

Op Lëtzebuergesch
Avec surtitres en français
With English surtitles

•

*en audiodescription

•

Dauer **1h10 (keng Paus)**

6+ Alter   Damp   Strobo

**Eltere/Kand Workshop**
20.12 › 14.00 Auer (Tickets › lestheatres.lu)

•

**Q & A** no der Virstellung vum 21.12

Mam
Hänsel **Timo Wagner**
Gréidel **Magaly Teixeira**
Baba **Sascha Ley**
Papp **Raoul Schlechter**
•
& den Villercher **Sofía Binetti, Gianfranco Celestino, Serge Daniel Kaboré, Sissy Mondloch, Rhiannon Morgan, Yaz Sané**
•
Text **Cosimo Suglia**
Regie **Daliah Kentges**
Bün **Anouk Schiltz**
Kostümdesign **Sophie Meyer**
Choreografie **Piera Jovic**
Kompositioun **Arthur Possing**
Musek **Pierre Cocq-Amann, Sebastian Flach, Jérôme Klein, Jean-Pascal Boffo**, **Arthur Possing**
Luucht & Video **Krischan Kriesten**
Mask & Coiffuren **Joël Seiller**
Textdramaturgie **Sarah Rock**
Regieassistenz & Theaterpädagogik **Laetitia Lang**
Hospitanz **Diane Weibel**
•
Garderob **Manuela Giacometti Chiavini, Carly Megyery**
Mask **Jasmine Schmit, Meva Zabun**
Accessoiren **Marko Mladenovic**
•
Bau vum Bünebild an den **Atelieren vun den Théâtres de la Ville de Luxembourg** & am Atelier **Construction Décors ESPACE et CIE, Vénissieux France**
Molerin **Noémie Tudoux**
•
Iwwertitelung **Panthea**
Englesch Iwwersetzung **Cosimo Suglia**
Franséisch Iwwersetzung **Panthea**
Regie Iwwertitelung **Panthea – Andrew Clarke / Pascale Noé Adam**
•
Produktioun **Les Théâtres de la Ville de Luxembourg**

# SYNOPSIS

**LU** Fir den Hänsel an d'Gréidel ass den Alldag net einfach. D'Mamma ass net méi do an de Pappa gëtt eleng net wierklech eens mat hinnen an och net mat sech selwer. Hie vergësst si oft, wéinst senger Positioun als Chef vun der Holzfirma. D'Gréidel seet, dass hien dat express mécht, si ze vergiessen. Den Hänsel seet, dass hatt e bessere Versteesdemech sollt hunn. Mee wat si béid awer zesummenhält ass hir Geschwësterléift… bis déi a Fro gestallt gëtt.
Enges Daags, hëlt de Papp si mat an de Bësch. Do begéinen d'Kanner engem Hong, dat ausgesäit wéi e Kueb an dat si an den déiwen Zauberbësch entféiert, wou d'Hex mam Numm Baba wunnt, déi de Kanner hiert Vertraue gewanne wëll.

**FR** Pour Hänsel et Gréidel, le quotidien n'a rien de simple. Leur maman n'est plus là et leur papa n'arrive pas vraiment à s'occuper d'eux ni de lui-même. Il les oublie souvent parce qu'il est occupé à diriger la société de bois. Gréidel dit qu'il les oublie intentionnellement. Hänsel trouve qu'elle devrait se montrer plus compréhensive. Mais tous les deux sont unis par un amour fraternel… jusqu'à ce que ce lien soit mis à l'épreuve.
Un jour, le père emmène les enfants dans la forêt. Ils y croisent une poule qui ressemble à un corbeau et qui les entraîne au fin fond de la forêt enchantée, où vit une sorcière nommée Baba qui cherche à gagner leur confiance.

**EN** Everyday life is not easy for Hänsel and Gréidel. Their mother is gone, and their father can't really take care of them or of himself. He often forgets them because he is busy managing the timber company. Gréidel claims he does it on purpose. Hänsel says she should show greater understanding. But what keeps them together is their sibling love… until that bond is challenged.
One day, the father takes the children into the woods. There, they encounter a hen that looks like a raven and leads them into the deep enchanted forest, where a witch named Baba lives. Baba then tries to win the children's trust.

# ZUM TEXT

## Fir d'Kanner an d'Geschicht

Kontext ass wichteg. Et muss ee verstoen, dass vill vun de Geschichten, déi d'Gebridder Grimm gesammelt an och deels ëmgeschriwwen hunn, am Schiet vum Drëssegjärege Krich entstane sinn. Se si Warnungen a Lektiounen. Se si simpel Geschichten déi batter an traumatesch Realitéiten erëmspigelen – brutal Realitéiten, déi esou degelass sinn, dass een se quasi muss fiktional ophuelen an erzielen. Dass een se verwässert, fir se kënnen un d'Leit ze bréngen. Am Drëssegjärege Krich war de Mangel un Iesse grouss an d'Konsequenzen dovunner ginn am Märchen vun *Hänsel und Grethel* representéiert. De kollektiven Doud huet déi deemoleg Virstellung gedriwwen.

Och d'Figur vun der Hex an de Märercher muss a Fro gestalt ginn. Am Mëttelalter, an och nach wäit bis nom Drësseg-järege Krich, goufen onschëlleg Fraen als Hexen ofgestempelt. An de Märercher ginn se duergestallt wéi skrupellos Béischten, obwuel déi Fraen, déi Hexen am Fong, geschichtlech gesinn, Frae waren, déi mat Hëllef vun der Wëssenschaft (wéi, zum Beispill, eng gutt Kenntnis vun de Wierkstoffer a Planzen) iwwerlieft hunn, respektiv souguer hirem Ëmfeld gehollef hunn. D'Figur vun der Hex am Märchen vun *Hänsel a Gréidel* ass net aneschters. Et mussen also Nuancen agefouert ginn. Wisou d'Hex sech iwwerhaapt esou verhält, ass d'Fro déi sech duerch dat heite Stéck zitt. Eng stereotypesch Duerstellung, déi si *just* villifizéiert, gëtt am Text net benotzt. D'Figur vun der Baba, wéi de Numm et scho seet, ass inspi-réiert vun der slawescher Mythologie, an zwar vun der Figur vun der Baba Yaga. Eng Figur déi, obwuel se kannibalistesch Tendenzen huet, och Kanner versuergt, zemools Meedercher. An hirer Ambivalenz ass d'Baba Yaga méi ausgebaut an, ech géif behaapten, dass si dat net nëmme méi interes-sant mécht a villäicht méi mënschlech, mee och, zu engem gewëssene Punkt, méi geféierlech.

Irrationalitéit ass e groussen Deel an Driff vum Mënsch – sief dat fir dat Gutt oder och net. Mee wat Märercher eis weisen ass, egal wéi eekleg a brutal an traureg d'Welt ka sinn, eng Situatioun ka sinn, et kann ee sech, oft, dovunner léisen. An och wann dat an der Realitéit, oft, net de Fall ass, loosse Märercher, an hirer Irrationalitéit an och just fir e klenge Moment, eng Grëtz Hoffnung bléien.

**Cosimo Suglia**



# ZUR INZENÉIERUNG

D'Geschicht vum Hänsel a Gréidel, déi vun hiren Elteren am Bësch ausgesat ginn, sech verieren an duerch de séissen Doft vu Liefkuch bei d'Knusperhäischen vun enger béiser Hex gelackelt ginn, gehéiert wuel zu de bekanntste Märercher vun de Gebridder Grimm. Seng Popularitéit verdankt dëst Märchen sécherlech den zwou Kannerfiguren, déi hei am Mëttelpunkt stinn. Si léieren, wéi een duerch Mutt, Cleverness an Zesummenhalt seng schlëmmsten Ängscht iwwerwannen an all Gefor entkomme kann. Et sinn d'Erfarungen, déi si am Laf vun der Geschicht sammelen, der Gudder an der Schlechter, déi si räife loossen an aus hinne Figure maachen, déi och haut nach Virbildcharakter besëtzen.

Et ass dës Essenz vum Märchen, déi mir fir eis Versioun preservéiere wollten, mee vu wou aus och all d'Iwwerleeunge fir en Developpement stattfonnt hunn, an dat souwuel mat Bléck op d'Charakteren, wéi och op d'Ëmstänn, aus deenen eraus d'Handlunge motivéiert sinn. Haut sinn et aner Faktore wéi zu Liefzäite vun de Gebridder Grimm, déi Auswierkungen op d'Liewen an och d'Familljeliewen hunn. Dofir war et eis wichteg, d'Geschicht an engem gesellschaftlechen a kulturelle Kontext ze verankeren, deen Parallelen zu eiser Realitéit obweist, wouduerch och eng stäerker Identifikatioun mat de Figure méiglech ass. Mir hunn en elengerzéiende Papp, deen a wirtschaftlech onsécheren Zäite versicht, Famill a Beruff ënnert en Hutt ze kréien, an ëmmer erëm u seng Limitte stéisst. Mir hunn eng Hexefigur, déi duerchaus ambivalent ass, déi tëscht hire Wënsch an hirem Verlaangen hin- an hiergerappt ass, an dat opgrond vun den Erfarungen, déi si am Liewe gesammelt huet. Inspiratioun hu mir an der So vun der Baba Jaga fonnt: Eng zwispälteg Hex aus der slawescher Mythologie, déi an enger Hütt op Hingerbeen am Bësch lieft, an déi souwuel geféierlech wéi och hëllefräich sinn.

Dat alles huet natierlech Auswierkungen op eis Kannerfiguren, déi mat engem anere Bagage kommen, an aner Hürden huele mussen, well net alles schwaarz a wäiss ass, an net

alles esou ass, wéi et schéngt. An och wa si als Geschwësterpuer optrieden, sou hu si dach hir Individualitéit, déi mir an dëser Versioun stäerker ervirhiewen. Doduerch gëtt d'Geschwësterdynamik eng aner, déi och Plaz fir eng individuell Charakterentwécklung léist.

Deementspriechend mussen den Hänsel an d'Gréidel net nëmme géint eng bedrolech Hex kämpfen, mee sech och mat hiren eegen ënneren Konflikter ausenanersetzen, fir eng Entwécklung ze vollzéien.

Dynamik, Entwécklung, a Wandel si sécherlech och Schwéierpunkten, déi fir d'Konzeptualiséierung vum Univers eng essentiell Roll gespillt hunn. De Wonsch war vun Ufank un do, e Lien tëscht der Hex an hirem Liewensraum ze schafen a gläichzäiteg dem magesche Bësch eng Dynamik anzehauchen. Sou ass de Choix op den Danz als Medium gefall. D'Dänzer.innen, déi hei Villecher verkierperen, an ënnert der Hex hirem Zauber stinn, beliewen dësen Naturraum, sinn Deel vun der Hex hirer Inzenéierung am Zauberbësch, hiren verlängerten Aarm souzesoen. Gläichzäiteg ass och de Raum selwer wandelbar, sou datt d'Magie hier Wierkung entfale kann. D'Bünebild ass staark un de Personnage vun der Hex gebonn, et ass ganz bewosst kee klassescht Knusperhäischen, mee e Konstrukt, wat aus der Fieder vun der Baba Jaga stame kéint. Eng Entwécklung léist sech och am Kostümdesign erkennen: Mir gesinn eng Hex, déi ëmmer méi animalesch gëtt, wat hiren Honger méi grouss gëtt.

Bei aller Eeschthaftegkeet sollen awer de Spaass an den Humor net ze kuerz kommen. Och wann et wéi an all Märche momenterweis e bësse méi eescht oder emotional gëtt, sollen d'Kanner sech un de Figuren erfreeën, mat hinne matfillen an och mat hinnen zesumme laache kënnen. Humor schaaft hei net nëmmen e Kontrast zu den eeschten Themen am Stéck, mee erméiglecht de Kanner gläichzäiteg, sech méi liicht op d'Inzenéierung an d'Charakteren anzeloossen. Op dës Aart a Weis kënnen d'Kanner wéi och d'Erwuessener d'Geschicht nei entdecken – mat Laachen, Mutt a Matgefill.

**Daliah Kentges**

# INTERVIEW MAM DALIAH KENTGES

Vum Laetitia Lang

### Firwat *Hänsel a Gréidel*? Wat verbënnt Dech mat dëser Geschicht?

Ech wollt engersäits e méi bekannt Märche vun de Gebridder Grimm inzenéieren, dat sech no *Rumpelstizchen* a *Rabonzel* an d'Traditioun vum Chrëschtdagsmärchen am Grand Théâtre areit, an anerersäits e Stéck op d'Bün bréngen, an dem zwou gläichgestallten Haaptfiguren, hei Schwëster a Brudder, sech géigesäiteg ënnerstëtzen an zesumme staark sinn. De Message ass hei ganz kloer: Si kënnen alles bewältegen, sou laang si een fir deen aneren do sinn, sech net aus den Ae verléieren an zesummenhalen.

### Wat mécht déi Versioun vum Cosimo sou eenzegaarteg an interessant?

An dëser Versioun vum Cosimo gouf virun allem de Charakter vun der Hex ausgebaut. Si entsprécht net dem Stereotyp vun der béiser Hex, iwwer déi een am Fong näischt gewuer gëtt, weder iwwert hiert Liewen nach iwwert d'Ursaach vun hirem Verhalen. Eis war et immens wichteg, déi veralten Duerstellung vun der béiser Fraefigur, déi eleng am Bësch lieft, opzebriechen, an hir Figur ze developpéieren. Mir fannen hei eng ambigu Fraefigur vir, déi sech eendeitegen Zouschreiwungen entzitt. Och si ass Hin an Hier gerass tëscht „gutt a béis". Genau esou huet de Cosimo och fir d'Figure vun den Elteren op stereotypesch Duerstellunge verzicht: Amplaz vun der béiser an intriganter Stéifmamm gëtt eng Pappefigur gezeechent, déi mat de Schwieregkeeten an Erausfuerderunge vun Elengerzéienden ze kämpfen huet. Domadder si mer dann och vun engem gesellschaftleche Point de vue méi no un der Liewensrealitéit vun eiser Zäit.

**Kanns du e bësse beschreiwen, mat wéi enge Leit a wéis du an de kreative Prozess gees, fir *Hänsel a Gréidel* zum Liewen ze erwächen? Also e bëssen de kreativen Prozess erklären?**


Ech setzen hei an éischter Linn op Kontinuitéit: Mäi kreatiivt Team besteet Deels aus Kënschtler, mat deenen ech schonn op anere Produktiounen zesummegeschafft hunn, a wou ech weess, datt mir berufflech harmonéieren, eis géigesäiteg inspiréieren, an datt mir déi nämmlecht Wäerter an artistesch wéi och ästhetesch Visiounen hunn. Den aneren Deel vum Ensembel vun de SchauspillerInnen an DänzerInnen besteet aus neien Artisten fir mech, déi ech Loscht hunn, ze entdecken, a wou ech och menger Choreografin vertraut hunn, fir eegestänneg Choixen an der Besetzung fir den Danz ze treffen. Nodeems d'ganz Ekipp feststoung, hunn ech zesumme mam Cosimo a mam Sarah, eiser Dramaturgin, d'Grondkonzept an d'Geschicht developpéiert, sou datt mir eis op en Univers eenege konnten, dee mir wëlle kreéieren, an an dem eist Märche spillt, fir dann an engem nächste Schrëtt an op-grond vun der éischter Fassung mam Anouk a mam Sophie um Konzept vum Bünebild, de Requisitten an de Kostümer ze schaffen. Quasi parallel sinn ech dunn och an de kreative Prozess mam Arthur an dem Piera gaang, fir d'Musekskompositioun ze definéieren, déi natierlech ausschlaggebend fir d'Danzsequenzen ass. Sou kënnt Schrëtt fir Schrëtt alles zesummen, a beaflosst sech och géigesäiteg a senger Entwécklung. Iert mer dann an déi final Phase vun de Prouwe kommen, hu mer eis wärend zwou Woche mat de SchauspillerInnen zesummegesat, fir den Text an d'Figure mat hinnen um Pabeier weider ze entwéckelen. Sou konnten och hir Reflexioune mat afléissen. Et ass also e richtegen travail en équipe.


## Wéi eng Botschaft wëlls du de Kanner a Jugendleche mat op de Wee ginn?

D'Botschaft ass ganz kloer den Zesummenhalt an awer och déi Erkenntnis, datt kee perfekt ass. Jidderee mécht Feeler, an déi Feeler ze erkennen, se anzegestoen, de Wëllen hunn, dorauser ze léieren an et besser ze maachen, an awer och a leschter Konsequenz dës Feeler verzien ze kréien, dat si Kompetenzen, déi a mengen Aen immens wichteg fir d'Liewe sinn, an déi an eiser op Perfektionismus getrimmter Gesellschaft ze kuerz kommen.

## Firwat ass et an dengen Ae wichteg, klassesch Märercher wéi *Hänsel a Gréidel* fir déi Jonk vun haut ze inzenéieren?

Fir mech gehéieren déi Märercher ganz kloer zu enger kultureller Traditioun, déi vun engem literaresche Point de vue ganz wichteg sinn, an déi net a Vergiessenheet solle geroden. Natierlech ginn et Aspekter an deene Märercher, déi een hautdesdaags net méi onhannerfrot duerstellen oder reproduzéiere kann. Mir liewen an enger anerer gesellschaftlecher Realitéit, mir hunn eis weiderentwéckelt a sinn och deelweis mat anere Problematike konfrontéiert, dofir ass et a mengen Ae wichteg, se méi no un eis Realitéit ze bréngen, ouni awer hire Kär aus den Aen ze verléieren.





„Ass d’Welt béis,
da sief du einfach ganz vill léif.
Sang mam Mound,
deen dech da belount,
deen dech da begleet.
An dat mat Freed.
An dat mat Freed.

Ass d’Welt béis,
da sief du einfach ganz vill léif.
Sang mam Mound.
Dat Béist dech dann net kritt,
dat Béist dech dann net kritt.
Mat dësem Lidd, dem Häerzenslidd.“















# BIOGRAFIEN

## Cosimo Suglia

**TEXT**

De Cosimo Suglia (1995) ass Schrëftsteller a schreift esou zimmlech alles. Säin éischte Roman *ROSEREI* ass 2025 bei Op der Lay erauskomm. Hien huet 2024 *D'Julie an den Aprikosejong* geschriwwen an d'Produktioun gouf um Bünepräis 2025 an der Kanner- a Jugendkategorie ausgezeechent. 2024 huet de Cosimo och Lëtzebuerg zu Bréissel mat sengem Gedicht *Terassenterror* um Transpoesie Festival representéiert. Cosimo seet vill an d'Leit laachen, wat hie verwonnert.

## Daliah Kentges

**REGIE**

D'Daliah Kentges ass 1985 zu Esch-Uelzecht gebuer. No hirem Bac huet si Nei Däitsch Literatur an Englesch Philologie zu Freiburg im Breisgau studéiert an 2017 hiren Doktorat op der Universitéit Lëtzebuerg gemaach. Nieft hirer Forschungsaarbecht huet si Erfarungen als Regieassistentin un der Säit vun nationale wéi internationale Regisseur*innen gesammelt. Nodeems si mat zwou zeenesche Liesungen (*Wat den Noper seet…an aner Geschichten* a *Famina*) hir éischt eege Projeten am Theater realiséiert huet, ass 2019 mat *Dräi Schwësteren* dat éischt Theaterstéck ënnert hirer Regie am Kasemattentheater op d'Bün komm. 2020 si mat *Truckstop* (Théâtre du Centaure/Kinneksbond, Centre Culturel Mamer) an *Le monologue de la vieille reine* (Kinneksbond, Centre Culturel Mamer/Les Théâtres de la Ville de Luxembourg) weider Regieaarbechten dobäi komm. An der follgender Spillzäit huet si mat *Fake Facts* (Trifolion Echternach) a *Rosenkranz und Güldenstern auf Greta* (Kasemattentheater) gläich zwee performativ Theaterstécker realiséiert. Fir d'Kulturjoer Esch2022 huet si déi éischte Kéier mam Kënschtlerkollektiv MASKéNADA zesummegeschafft an d'Regie vun

den zwee interdisziplinären a performativen Outdoor-Projeten *Zowaasch* an *Ouni Kapp* iwwerholl. Zesumme mat dem Kënschtlerkollektiv Ampersand Variations huet si och un der Créatioun vum Projet *Desire Lines* fir d'Kulturjoer geschafft. Mam Monolog *Eschenliebe* war 2023 déi éischte Kéier eng Regieaarbecht vun hir am Ausland ze gesinn. Um Kunstfest Weimar huet d'Stéck vun der renomméierter däitscher Dramatikerin Theresia Walser d'Uropféierung gefeiert an ass uschléissend op Tournee duerch Däitschland a Lëtzebuerg gaang. 2024 huet si hiert éischt Kannerstéck *D'Julie an den Aprikosejong* am Théâtre du Centaure inzenéiert, fir dat si 2025 mam Bünepräis an der Kategorie „Bescht Kanner- a Jugendtheaterproduktioun" ausgezeechent gouf. Mat dem Jugendstéck *Vandalium* (Théâtre du Centaure) vum Tullio Forgiarini a *Lilith* vum Rafael David Kohn (MASKéNADA, am Kader vun der LUGA, Urban Garden Expo) huet si 2025 zwou weider Inzenéierungen op d'Bün bruecht. D'Daliah Kentges ass aktive Member am Théâtre du Centaure, de Kënschtlerkollektiven MASKéNADA an Ampersand Variations, a schafft säit 2015 als Koordinatorin a kënschtleresch Beroderin fir de Fundamental Monodrama Festival.

## Anouk Schiltz

**BÜN**

D'Anouk Schiltz huet op der École Nationale Supérieure des Arts Décoratifs zu Paräis studéiert an hiren Diplom an der Zeenografie 2005 ofgeschloss. Zënterhier schafft si als Zeenografin a Kostümdesignerin fir Produktioune mat ënnerschiddleche Regisseuren zu Lëtzebuerg an am Ausland. Zu hire Projeten zielen ënner anerem: *Endspill* ënner der Regie vum Charles Muller (Escher Theater / Sibiu), *Bric à Brac* ënner der Regie vum Marie-Lune (Festival d'Avignon Off), *Hedda Gabler* ënner der Regie vum Gerhard Weber (Theater Trier), *Don Quichotte* ënner der Regie vum Anne Simon (Théâtre National du Luxembourg / Ruhrfestspiele Recklinghausen), *La vérité m'appartient* ënner der Regie vum Charles Muller (Kapuzinertheater), *The Crucible* ënner der Regie vum Douglas Rintoul (Queen's Theatre Hornchurch),

*Rumpelstilzchen* ënner der Regie vum Myriam Muller (Stater Theateren), *La Dispute* ënner der Regie vum Sophie Langevin (Théâtre National du Luxembourg) esouwéi *Ivanov* ënner der Regie vum Myriam Muller (Stater Theateren). Am Summer 2019 huet si d'Kostüme fir d'Oper *The Sleeping Thousand* vum Komponist Adam Maor ënner der Regie vum Yonatan Levy an am Optrag vum Festival d'Aix-en-Provence an de Stater Theateren entworf. D'Weltpremière huet am Théâtre du Jeu de Paume stattfonnt. Si huet den Dekor fir d'Stéck *The Hothouse* ënner der Regie vum Anne Simon (Stater Theateren) entworf an huet am September 2021 den Theaterpräis Hannert der Bün iwwerreecht kritt. Kierzlech huet si d'Dekoren an d'Kostüme vun der Produktioun *Cock* ënner der Regie vum Anne Simon am Kapuzinertheater a vum Stéck *Stolen Ground* ënner der Regie vum Richard Twyman och am Kapuzinertheater entworf. D'Zeenografie vum Stéck *Toi, moi, nous… et le reste on s'en fout!* vum Laurent Delvert an Nathalie Ronvaux, dat am Oktober am Kapuzinertheater opgeféiert gouf, staamt och vun hir.

## Sophie Meyer

**KOSTÜMDESIGN**

Sophie Meyer (gebuer 1989 zu Lëtzebuerg) ass fräischaffend Kostümbildnerin an Kënschtlerin mat Sëtz zu Lëtzebuerg. Hir Aarbecht beweegt sech zwëschent Textil, Kierper a Raum an ënnersicht d'narrativ a transformativ Kraaft vum Kostüm. No hirem Ofschloss um Lycée Technique des Arts et Métiers zu Lëtzebuerg (2010, Schwéierpunkt Bildend Konscht) huet si op der Hochschule Hannover Kostümbild studéiert, wou si 2015 de Bachelor of Arts kritt huet. Duerno huet si e Masterstudium „Costume Design for Performance“ um London College of Fashion, University of the Arts London, gemaach – e Programm, deen d'Kostüm als aktiven Matgestalter an Ko-Autor vun der Performance gesäit. Zënter 2019 schafft si als Kostümbildnerin zu Lëtzebuerg a kreéiert parallel zu hirer Theateraarbecht eege Wearable-Art-Stécker. Am Joer 2020 ass si dem Kënschtlerkollektiv MASKéNADA bäigetrueden, wou si hiert Interesse fir site-specific Performance, Szeno-

grafie an Installatioun weider entwéckelt huet. An hirer kënschtleräscher Praxis benotzt d'Sophie Meyer de Kostüm als visuellen a emotionalen Gravitatiounszentrum vun der Performance. Si verbënnt historesch Aflëss mat onkonventionnelle Materialien an experimenteller Stoffmanipulatioun fir eegen Texturen, Formen an narrativ Räim ze schafen. Nohaltegkeet spillt eng zentral Roll: si schafft virun allem mat recycléierten oder nees benotzte Materialien an léisst sech vun hirem Ëmfeld an vun der Matière selwer inspiréieren, fir eenzegaarteg Stécker vun drobarer Konscht ze gestalten. Eng kleng Auswiel vun hire rezentesten Kostüm- a Bühnenaarbechten: *MammOmmaM* (2021, MASKéNADA) – e Stéck iwwert Mammen-Duechter Relatiounen; *Schwarz ist eine Art von Bunt* (2023/24, Grips'n'Chips) – e Kannerstéck iwwert d'Thema Doud; *Hom(e)anity* – eng interaktiv an performativ Ausstellung iwwert Heemecht zesumme mat Fabienne Elaine Hollwege a Piera Jovic (2024, MASKéNADA); an *Lilith* (2025, MASKéNADA) – eng Néiinterpretatioun vum bibleschen Schafungsmythos.

## Piera Jovic

**CHOREOGRAFIE**

Déi serbo-italienesch Kënschtlerin Piera Jovic (she/her) ass fräischaafend Dänzerin a Performerin. Hatt experimentéiert besonnesch gär mat interdisziplinären Formater an der Konscht, souwuel an sengen eegenen Projet'en an Optrëtter, wéi och fir déi verschiddenst Projet'en wou et als Choreografin matwierkt. Zanter 2015 professionnell, widmet d'Piera sech virun allem senger Karrière als Bünendarstellerin fir Danzproduktiounen, awer dacks och kollaboréiert hatt als Choreografin, ënnert anerem fir Theaterproduktiounen, Concert'en oder performativ Filmer. Iwwert déi läscht Joren huet d'Piera och bei sëllegen diversen Kanner- an Jugendprojeten mat dru geschafft, wouduercher international Kollaboratiounen entstanen sinn. Dës reegelmässeg Zesummenaarbecht mat Kënschtler*innen aus ënnerschiddlechen Konschtspachten gëtt dem Piera d'Méiglechkeet seng kënschtleresch Interessien wäit iwwert der Beweegung

eraus ze erweideren, wat sech dann nees a sengem kënschtlereschen Univers rëm spigelt. D'Piera ass des Weideren en aktive Member vum lëtzebuerger Kënschtlerkollektiv MASKéNADA, e Kollektiv deen virun allem site-specific Projet'en entwéckelt. Och bei der ASPRO, der Gewerkschaft vun de professionellen Büneschaafenden, ass et am Kärteam. Ënnert sengen éischten Partner zielt d'Dänzerin awer och den Trois C-L I Maison pour la Danse, en nationalen Zentrum fir choreografesch Recherche an Kreatioun. D'Piera huet fir d'éischt am Stater Conservatoire mam Danz ugefaangen an dunn a Spuenien en professionellen Studium absolvéiert.

## Arthur Possing

**KOMPOSITIOUN**

Den Arthur Possing, deen als ee vun de villverspriechende Pianiste vu senger Generatioun gëllt, huet eng ganz natierlech Approche zur Musek. Hien ass 1996 op d'Welt komm an ass an enger Famill opgewuess, wou d'Musek eng zentral Roll gespillt huet an och ëmmer doheem present war. De Lëtzebuerger huet mat klassescher Perkussioun ugefaang an huet kuerz dono klassesche Pianosunterrecht derbäigeholl, éier en d'Welt vum Jazz entdeckt huet. Nom Lycée huet hien ugefaang, Jazzpiano am Conservatoire Royal de Bruxelles beim Eric Legnini ze studéieren. D'Arthur Possing Quartett ass 2013 gegrënnt ginn an huet bis elo dräi Albume veröffentlecht: *Four Years* (2018), *Natural Flow* (2021) an *Homes* (2025). Déi dräi Wierker hunn esouwuel bei der Kritik ewéi och beim Public groussen Uklang fonnt. De Museker hire Repertoire ëmfaasst eege Kompositiounen esouwéi Stécker vun Jazzmuseker, déi hinne besonnesch gefalen. D'Quartett spillt modernen Jazz, dee vun all de Genrë beaflosst ass, ouni d'Traditioun ze vernoléissegen. An de leschte siwe Joer hat d'Grupp d'Méiglechkeet, intensiv an Europa an doriwwer eraus op Tournée ze goen. Ausserdeem huet den Arthur Possing mat der natierlecher Musikalitéit vun *ID:entity*, sengem éischte Soloalbum, e fréien Héichpunkt a senger Karriär erreecht. Trotz sengem jonken Alter weist den Arthur

Possing a senge verschiddene Projete musekalesch Villsäitegkeet an hannerléisst eng kloer erkennbar Handschrëft.

## Krischan Kriesten

**LUUCHT & VIDEO**

De Krischan Kriesten ass zu Wuppertal op d'Welt komm a wunnt zënter 2002 zu Saarbrécken. Vun 2003 bis 2005 huet hie modern Konscht op der Hochschule der Bildenden Künste zu Saarbrécken, besonnesch déi nei Medien ënner der Prof. Ulrike Rosenbach (Video, Opféierung, Installatioun) an der Prof. Christina Kubisch (Klangkonscht, Installatioun) studéiert. Zënter 2003 schafft hie mat ënnerschiddlechen Artisten als Liicht-Toun-Video-Designer, ënner anerem an der Oper Leipzig (DE), am Staatstheater Schwerin (DE), am Staatstheater Saarbrücken (DE), am Staatstheater Mainz, am TROIS C-L (LU) an am Kopla Bunz (LU).

## Joël Seiller

**MASK & COIFFUREN**

De Joël Seiller ass zu Lëtzebuerg opgewuess. No 13 Joer als Coiffeur huet hie sech als Make-up-Artist ëmorientéiert. Hie schafft haaptsächlech als fräiberuffleche Make-up-Artist fir de Film, den Theater an d'Publicitéit. Zënter 1995 war hien u ronn 200 Theaterstécker bedeelegt. Seng lescht Produktiounen an de Stater Theatere waren: *All New People* (2016), *Love and Understanding* (2017), *Tom auf dem Lande* (2017), *Rumpelstilzchen* (2017 an 2018), *Die Versetzung* (2018), *Stupid Fucking Bird* (2019), *Dealing with Clair* (2019), *En Silence* (2019), *Rabonzel* (2020), *Hothouse* (2021), *Mendy – Das Wusical* (2021), *Liliom* (2022), *Die Laborantin* (2022), *Mumm Séis* (2023), *Cock* (2024), *Stolen Ground* (2024), *Leuchtfeuer* (2025) a *Spring Awakenings* (2025).

## Sarah Rock

**TEXTDRAMATURGIE**

D'Sarah Rock schafft als Däitschproff an Theaterdramaturgin. Si huet zu Wien däitsch Philologie mat Geschicht a Philosophie als Niewefach studéiert. No hirem Masterofschloss huet si am Wiener Theater an der Josefstadt als Dramaturgie-assistentin ënner anerem d'Produktioun *Die Verdammten* vum Elmar Goerden (2017) begleet. Zu Lëtzebuerg wierkt si zënter 2018 bei Theaterproduktioune vun ënnerschiddlechen Theaterhaiser mat. Esou huet si ënner anerem mat den Dramaturg*innen Ingo Waszerka a Ruth Heynen an de Regisseur*innen Anne Simon, Armin Petras, Daliah Kentges a Claude Mangen zesummegeschafft. Zënter 2018 ass si och artistesch Beroderin fir de Fundamental Monodrama Festival.

## Laetitia Lang

**REGIEASSISTENZ & THEATERPÄDAGOGIK**

D'Laetitia schafft als Theaterpädagogin, Theaterschaffend a Regieassistentin zwëschent Lëtzebuerg an Éisträich. Si huet op der Universität Wien Bildungswissenschaft studéiert an um Institut für angewandtes Theater eng Ausbildung als Schauspill- an Theaterpädagogin gemaach. Säitdeem huet d'Laetitia als Theaterpädagogin, Performerin, Regisseurin a Regieassistentin an ënnerschiddlechen Theaterhaiser, Bildungsariichtungen a Kulturveräiner geschafft. 2022 huet si am Kader vun Esch22 fir de Kënschtler*innenkollektiv MASKéNADA d'Regie vum *Nuetsgejäiz a Bëschgepësper* vum Mandy Thiery an dem Jean Bürlesque gemaach.

## Timo Wagner

**HÄNSEL**

Den Timo Wagner ass Schauspiller a passionéierte Sportler. An dëser Produktioun spillt hien d'Roll vum Hänsel. Den Timo huet vu Kand u Sport gemaach, Dëschtennis huet zu senge grousse Passiounen gehéiert. Hei war hie mat der National-

equipe souguer op den Europa- a Welt-Meeschterschaften ewéi op villen internationalen Turnéieren dobäi. Spéider ass hien an d'Liichtathletik gewiesselt, wou seng Sportlerkarriär duerch eng Verletzung ënnerbrach misst ginn. Nom Sport huet hie säi Fokus op d'Schauspillerei geluecht. Am Laf vun de Joren huet den Timo a ville Filmer an Theaterproduktioune matgewierkt an huet dofir déi ënnerschiddlechst Rollen verkierpert. Beim Kaleidoskop Theater huet hien 2023 mam Jean-Paul Maes zesummen d'Leedung iwwerholl. Dat sel-wecht Joer krut hie vir seng Interpretatioun als Puck am *Songes d'une Nuit…* vum Myriam Muller den Theaterpräis an der Kategorie Nowuesstalent. Ma och Film ass net ze kuerz komm, wou hien d'Haaptroll ënner anerem a Filmer ewéi *Läif a Séil* a *Le Doute* verkierpert huet. Ab Ufank 2026 wäert hien dann nees an d'Roll vum Leon Clemens klamme vir eng zweet Staffel vu *Marginal* vum Loïc Tanson.

## Magaly Teixeira

**GRÉIDEL**

D'Magaly Teixeira ass eng lëtzebuergesch-portugisesch Schauspillerin déi scho fréi en enke Bezuch zur Bün entwé-ckelt: Mat néng Joer fänkt si un ze danzen an Theater ze spillen, e Beruffswonsch, deen hatt duerno konsequent ver-follegt. No hirem Ofschloss geet si op Paräis, wou si un der Sorbonne Paris 3 studéiert an hir Ausbildung am Conserva-toire Charles Munch ënnert dem Philippe Perrussel ofschléisst. Hir zweesproocheg a binational kulturell Prägung spillt eng zentral Roll an hirer Aarbecht a prägt hir éischt Filmkollabo-ratioun mam Paräisser Regisseur Philippe Machado. Mat der Roll *Flavia* am Film *À l'année prochaine/Até pro ano*, an deem si och hiren éischte Fado séngt, gëtt si vum interna-tionale Publikum entdeckt. E weideren Duerchbroch geléngt hir mat der Roll vun der *Dona Valentini* an der Netflix-Serie *Coyotes*, woufir si 2021 fir de Lëtzebuerger Filmpraïs an der Kategorie „Bescht Schauspillerin" nominéiert gëtt. Zënterhier gesäit een d'Magaly a nationale wéi internationalen Televi-siouns- a Filmproduktiounen, ënner anerem an *Projeto Global* vum Ivo M. Ferreira an *Marginal* vum Loïc Tanson.

Hir Präsenz an der Kuerzfilmszene gëtt duerch Filmer wéi *Nucléaire* a *Phoenix* vu Roxanne Peguet gestäerkt, déi béid fir de Lëtzebuerger Filmpraïs 2023 nominéiert waren. Déi selwecht Editioun huet si zesumme mam Max Thommes am Grand Théâtre moderéiert. Rezent huet si Haaptrollen am Kuerzfilm *Kintsugi* – Auszeechnung „Audience Award" um Lisboeta Film Festival 2025 – an am Film *MiaMio*, dee momentan duerch d'USA tourt. Op der Theaterbün ass d'Magaly an Produktiounen wéi *Julie an der Aprikosejong* (Bünepraïs Bescht Kanner a Jugend Produktioun 2025) Regie Daliah Kentges, *25 de Abril de 1975* vum Jorge Andrade*, Daat klengt d'Meedchen aus dem Mier/La petite fille de la mer* vum Rita Reis inzenéiert am Escher Theater, *Venus in Fur* an *The Censor* vum Anne Simon, ze gesinn – fir dës lescht Roll gëtt si 2023 fir den Theaterpräis als „Nowuesstalent" nominéiert. Si presentéiert 2025 och hir eegen Büne-Kreatioun *Silencio! Que se vai cantar o Fado*, eng musikalesch a poetesch Rees duerch hir Erënnerungen an hir Lusophonie. Zousätzlech schafft si reegelméisseg am Dubbing a bei Radiosproduktiounen, dorënner *Conan et la mémoire retrouvée*, *Bitzbouf*, *Girl You Know It's True* a *Lief fir mech*, aktuell am Kino.

## Sascha Ley

**BABA**

D'Sascha Ley ass eng albekannt Lëtzebuerger Hex, déi schonn zanter dem leschte Joerhonnert Theater spillt an a Filmer. Si mécht och Musek a séngt vill, an heiansdo danzt a schreift si. Si reest immens gären a vill – awer ouni Biesem – a si kacht a laacht an zaubert a versicht, sech e Reim op d'Liewen ze maachen an dat ze deelen. Meeschtens ass dat alles fir déi grouss Leit. Mee fir dëse Chrëschtdag sollt et sinn, fir och mol nees Spaass mat iech Kanner ze hunn. A wann dir wëllt wëssen, wéi der Sascha hir Aarbecht ausgesäit, da besicht si op www.saschaley.com.

## Raoul Schlechter

**PAPP**

No senger Schauspillausbildung zu Paräis, huet de Raoul Schlechter ugefangen am Théâtre National du Luxemburg am *Hamlet* vum Frank Hoffman matzespillen. Duerno stoung hien op der Bün a Produktiounen vum Aude-Laurence Biver, Pauline Collet, Laurent Gutmann, Jérôme Konen, Sophie Langevin, Carole Lorang, Claude Mangen, Stefan Maurer, Thierry Mousset, Myriam Muller, Fábio Godinho, Leonie Rebentisch, Sandra Reitmayer, Jacques Schiltz, Anne Simon a Claire Wagener. Niewent dem Theater, konnt een hien och a verschiddene Filmer oder Serie gesinn, wei zum Beispill *Eng nei Zäit* vum Christophe Wagner, *Io sto bene* vum Donato Rotunno, *Le chemin du bonheur* vum Nicolas Steil oder och nach *Bad Banks* a *Capitani*.

## Sofía Binetti

**VILLCHEN**

D'Sofía Binetti ass eng professionell Dänzerin a certifiéiert Pilates-Formatrice, déi zu Buenos Aires, an Argentinien, op d'Welt komm ass. Hir Danzausbildung ëmfaasst verschidde Stilrichtungen, dorënner Jazz, Ballet, a modernen an zäitgenësseschen Danz. No hirem Ofschloss am Danzprogramm op der Schoul Arte XXI zu Buenos Aires huet si hir Kompetenzen op der Universidad Nacional de las Artes zu Buenos Aires verdéift. 2019 huet si sech zu Lëtzebuerg niddergelooss, wou se zënterhier als fräischaffend Dänzerin, Danzproff a Pilates-Formatrice schafft. Vun 2022 bis 2024 huet si als Interpretin mat der Kompanie Luxembourg Ballet zesummegeschafft. Parallel dozou ass si dem Danzdepartement vun der Regionaler Museksschoul vun Diddeleng bäigetrueden, wou si reegelméisseg zäitgenësseschen Danz an Jazz enseignéiert huet. Zënter 2019 hält si och Pilates, an ass speziliséiert op Mat-, Reformer- a Barre-Pilates. Se gëtt ausserdeem och Danzcoursë fir Erwuessener an ënnerschiddleche Studioen an der Stad. Aus enger déiwer Passioun fir Beweegung a Wuelbefannen eraus mécht d'Sofía den Ament Studien

op der Uni an der Ernärung an Dietetik, fir hir artistesch Aarbecht mat hirem Interessi fir Gesondheet a Vitalitéit ze verbannen.

## Gianfranco Celestino

**VILLCHEN**

Nodeem e säi Pianostudium um Conservatorio G. Verdi zu Turin (IT) ofgeschloss huet, huet den Gianfranco zäitgenësseschen Danz op der Folkwang Universität der Künste zu Essen (DE) bei DänzerInne vun der Kompanie Pina Bausch an och op der Accademia Isola Danza zu Venedeg ënner der Leedung vun der Choreografin Carolyn Carlson studéiert. Am Joer 1999 huet hien eng Bourse fir de Formatiounsprogramm „Dance WEB" zu Wien kritt. Hien huet ënner anerem an der Belsch mat les ballets C de la B, zu Lëtzebuerg mam Bernard Baumgarten an an Däitschland mam Arazzo Tanztheater an der Figurentheater-Kompanie half past selber schuld geschafft. Tëschent 2002 an 2014 huet den Gianfranco ettlech eege choreografesch Aarbechten am Beräich Danztheater entwéckelt, dorënner de Solo *Solo con Piano*, deen a verschidde Länner opgeféiert gouf, *Crossing Town*, *Sweet Dreams!* an den *Duo con Piano*, deen international gespillt gouf. Tëschent 2014 an 2023 huet hie Contact Improvisation (Kontakt-Danz) an der Stad enseignéiert. Widderhuelt huet hien un Theaterstécker am Beräich vun der Bünebeweegung vun de Schauspiller geschafft, ënner anerem mam Véronique Fauconnet an Aude-Laurence Biver am Théâtre Ouvert Luxembourg an am Théâtre du Centaure, mam Pascale Noé Adam am Kapuzinertheater a mam Laura Schröder am Kasemattentheater. Tëschent 2015 an 2018 war hien un der Kreatioun vun der multidisziplinärer Konschtveranstaltungsrei *Friday Island* bedeelegt, déi sech mat verschidde soziokulturellen Theeme befaasst, an huet hir Produktioun iwwerholl. Hien ass Member vum Kënschtlerkollektiv Maskénada esouwéi vum Danzkollektiv Luxembourg Collective of Dance (Lucoda). Den Gianfranco huet mat der Regisseurin Daliah Kentges am Kader vun Esch2022 (Zoowasch, Maskénada) esouwéi 2025 am Kader vun der LUGA (Lilith, Maskénada) zesummegeschafft.

## Serge Daniel Kaboré

VILLCHEN

De Serge Daniel Kaboré ass Dänzer, Choreograf an Danzproff. Mat enger Leidenschaft fir den Danz als Konscht, Sprooch an Instrument vun der perséinlecher a gesellschaftlecher Transformatioun, huet hie sech op e Parcours beginn, deen afrikanesch Traditioune mat zäitgenëssescher Schëpfung verbënnt. Nodeems hien ëffentlecht Recht op der Université Thomas Sankara studéiert huet, huet hien eng Ausbildung um Centre de Développement Chorégraphique „La Termitière" zu Ouagadougou (2015-2017) gemaach, dee vum Salia Sanou a Seydou Boro, zwou bedeitende Figure vum zäitgenësseschen afrikaneschen Danz, geleet gëtt. Am Joer 2021, krut hien op der École des Sables am Senegal en Diplom am zäitgenëssesche an traditionellen afrikaneschen Danz. Dëst Etablissement ass vun der Pionéierin Germaine Acogny, déi als „Mamm vum afrikaneschen zäitgenëssesche Danz" gëllt, gegrënnt ginn. 2019, huet hien am Burkina Faso d'Kompanie Tiengré gegrënnt, där hir kënschtleresch Leedung hien iwwerholl huet. Do huet hien *Thérapie* (2020) an *Étranger chez soi* (am Entsteeungsprozess) geschaf, zwee Stécker, déi sech mat Identitéit, Exil a Resilienz auserneesetzen. Nodeem hie sech 2020 zu Lëtzebuerg etabléiert huet, ass de Serge Daniel Kaboré dem Luxembourg Collective of Dance – LUCODA 2021 bäigetrueden. Do huet hie seng choreografesch Recherchë weidergeféiert a mat verschidde Kënschtler ewéi dem Jill Crovisier (*TOAA*, 2023, *THE GAME – GRAND FINALE*, 2024), dem Modestine Ekete (*Zempia Pile ou Face*, 2025), dem Frieda Gerson (*Roots/Routes*, 2025) an dem Giovanni Zazzera (*Murmures*, am Entsteeungsprozess) zesummegeschafft. Als Präisdréier vum Programm Les Émergences vum TROIS C-L I Maison pour la danse entwéckelt hien den Ament *Duniya*, e choreografesche Solo, deen am Abrëll 2026 erauskënnt. A senge Wierker erfuerscht de Serge Daniel Kaboré de Kierper als liewegt Gediechtnes an Dialograum tëschent afrikaneschem Ierwen an der zäitgenëssescher Welt.

## Sissy Mondloch

**VILLCHEN**

D'Sissy Mondloch huet zu London am Trinity Laban Conservatoire of Music and Dance studéiert, wou hat mat renomméierten Choreografe geschafft huet an ënnert anerem am Tate Modern opgetrueden ass. Säit 2011 ass hat aktiv Member bei LUCODA (Luxembourg Collective of Dance) a bréngt seng Fäegkeeten an déi verschiddenste Projet'en. Seng villsäiteg Erfarungen ëmfaassen Optrëtter mam Elisabeth Schilling fir *Invisible Dances* a *Botanical Beats*, Kooperatioune mam Rhiannon Morgan fir de Festival Perspectives, Performancen fir den Ted Stoffer am Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg, mam Jojo Gronostay an der Konschthal Esch an mam Lemi Ponifasio am MUDAM (Musée d'art moderne). Am November war hat och bei der *Jam des choréographes* am Grand Théâtre de la Ville de Luxembourg dobäi. 2022 huet d'Sissy seng éischt choreografesch Recherche *Ongoing* am Mierscher Theater presentéiert. D'Stéck, wat sech mat psychescher Gesondheet ausernee setzt, gouf weider entwéckelt an 2023, ënnert anerem, fir den World Mental Health Day gewisen. D'lescht Joer huet dem Sissy säin neit Kannerstéck, *Moien mir si Gefiller!,* am Mierscher Theater Première gefeiert a gouf och am Aale Stadhaus Differdange gewisen. D'Produktioun gëtt mat der Fondation EME an an de Schoule vun der Stad Lëtzebuerg op Tournée goen. Hat huet och e Solo, *Unseen Universes,* beim Fundamental Monodrama Festival presentéiert, wat am Januar 2027 an der ARCA Bertrange rëm opgeschafft gëtt. Niewent senger kreativer Aarbecht, ass d'Sissy och ganz an der Danzpedagogik engagéiert; säit 2021 gëtt hat Coursen an der Regionaler Maacher Musekschoul. Fir d'Sissy ass den Danz en déiwe perséinlechen an transforméirenden Prozess. Seng Aarbecht wuerzelt an der Erfuerschung vun den ënnerleche Gefiller an dem Glawen, dass den Danz d'Bréck tëschent sech selwer an dem Universum schléit. Säin kreative Prozess fänkt ëmmer mam Bannen un – d'Sich no enger Verbindung zu eppes dat iwwert Beweegung erausgeet, an als Dialog vum Bannen an d'Baussen geet.

## Rhiannon Morgan

**VILLCHEN**

Als Choreografin, Dänzerin a Schauspillerin mat lëtzebuergeschen, griicheschen an englesche Wuerzele schaaft d'Rhiannon Morgan eng Bünesprooch, déi Kraaft, Poesie an Afallsräichtum vereent. Ausgebilt um Lëtzebuerger Conservatoire, op der Rambert School of Dance an der London Contemporary Dance School (The Place), danzt si zënter 2012 mat Artisten a renomméierte Kompanien, dorënner d'Akram Khan Company, d'Cocoon Dance Company, den National Theater of Northern Greece, den National Theatre of Wales, d'Marguerite Donlon, den Nicholas Vladyslav, de Jean-Guillaume Weis, d'Anu Sistonen, d'Cie Corps in Situ an d'Compagnie La Baraka. Zënter 2018, exploréiert si och den Theater an trëtt als Schauspillerin ënner der Regie vum Renelde Pierlot, Aude-Laurence Biver a Myriam Muller op. Am Joer 2022 huet si sech dem Centre dramatique national de Normandie-Rouen ugeschloss an ass dem Stéck *L'Oiseau de Prométhée* vum B. Berthoud a C. Trouvé bäigetrueden, dat sech den Ament am drëtten Tournéesjoer befënnt. 2019 huet si zesumme mam Giovanni Zazzera de Kollektiv LUCODA (Luxembourg Collective of Dance) gegrënnt, a sech um Projet „Esch2022, europäesch Kulturhaaptstad" mat dräi innovative Kreatiounen esouwéi un der Eröffnungsfeier vum Remix Festival bedeelegt. Als Choreografin gouf si 2016 mat hirer Kreatioun *Adh(A)ra* fir de Reseau Grand Lux ausgewielt, deen am Summer 2025 op international Tournée gaangen ass an ënner anerem am Kosovo an zu Berlin virgeféiert gouf, a si gouf associéiert Kënschtlerin vum TROIS C-L | Maison pour la danse. Zu hiren aktuellste Projete gehéieren: *Clementine* (CAPE, opderschmelz, Groussen Theater), d'Adaptatioun vu *La Voix Humaine* vum Francis Poulenc mat der Sopranistin Maria Devitzaki (CAPE, Escher Theater, Trioflion zu Iechternach), *Enypnion: In Situ* (Casino Lëtzebuerg) a *Requiem For A Clown* mam Antoine Colla (Monodrama Festival, Théâtre du Centaure).

## Yaz Sané

**VILLCHEN**

De*d'Yaz Sané ass en*g franséisch-senegaleesesch*en nonbinär*en Performerartist*in, Choreograf*in a Schrëftsteller*in, deen*déi tëschent Paräis an New York ausgebilt gouf, fir Emotiounen ze vermëttelen a Geschichte mathëllef vu Kierper a Wierder ze erzielen. Duerch säin*hire Parcours huet de*d'Yaz Sané mat ville Choreograf*innen a Regisseur*innen zesummegeschafft an ass op weltwäit bekannte Bünen ewéi Bercy, La Seine Musicale, der Halle Tony Garnier oder dem Ailey Citigroup Theatre zu New York opgetrueden, esouwéi op Fernseesenderen ewéi Disney Channel oder TF1. Méi rezent huet de*d'Yaz Sané fir d'Kompanie Banane Rouge gedanzt, fir de Brian CA am Stéck *We Need To Find Each Other* a fir d'Johana Malédon am Danzkuerzfilm *ECLIPSE* iwwer cheemesch Ënnerwerfung. De*d'Yaz huet och Interviewe fir Medien ewéi Paint, Maze oder Netflix ginn, fir iwwer Themaen ze schwätzen, déi em um Häerz leien, ewéi d'Geschlechtsidentitéit. Als kreativ*e Kënschtler*in benotzt de*d'Yaz verschidde kënschtleresch Medien, fir Wierker ze schafen, déi heelend, beräicherend an inspiréierend wierken an der Vermëttlung a Reflexioun déngen. De*d'Yaz ass den Ament un der Co-Kreatioun vu senger*hirer Danztheaterkompanie bedeelegt. Eng éischt Kreatioun befënnt sech am Schreifprozess.







Que 2026 continue à nous émerveiller
et nous offrir des moments d'intenses découvertes
et d'authentique partage.

Ensemble avec les artistes de la saison,
nous avons hâte de vous retrouver autour de propositions
théâtrales audacieuses et généreuses.

Nous vous souhaitons à toutes et à tous
une belle et inspirante nouvelle année !

Votre équipe des Théâtres de la Ville






**En collaboration avec:**

- Service Foyers scolaires - Département CAPEL
- Service Enseignement - Département activités nature

# Les Théâtres de la Ville de Luxembourg

Les Théâtres de la Ville de Luxembourg, à savoir le Grand Théâtre et le Théâtre des Capucins, présentent chaque saison une programmation en danse, opéra et théâtre éclectique, mettant en avant une multiplicité d'esthétiques, de voix et de récits, et motivée par le désir de répondre aux attentes et exigences d'une scène culturelle dynamique et d'un public cosmopolite. Au croisement des cultures et des langues, les Théâtres de la Ville de Luxembourg souhaitent être un lieu de rencontre et de découverte ouvert à toutes et tous, un lieu voué aux arts de la scène et un lieu d'innovation artistique. Des partenariats de longue date avec des maisons et artistes internationaux, la présence dans des réseaux européens et un modèle de coproductions collaboratives leur permettent de soutenir la création nationale et internationale et de créer des opportunités pour les créateurs et créatrices de la place par-delà les frontières du Luxembourg. Ils s'emploient ainsi à faire honneur à leur mission de maison de création implantée au cœur même de l'Europe et à contribuer au développement de la scène culturelle au Luxembourg.

Né de l'envie d'accompagner les artistes à divers endroits de leur parcours et à stimuler le dialogue entre artistes, publics et institutions, et encourager l'interdisciplinarité et les formes nouvelles, le TalentLAB, laboratoire à projets et festival multidisciplinaire, voit le jour en 2016. Organisé tous les ans en fin de saison sur une dizaine de jours et pensé comme un festival interdisciplinaire, il offre aux porteur.e.s de projet sélectionné.e.s et à leur intervenant.e.s une parenthèse de liberté de création dans un espace sécurisé, mais aussi et surtout un cadre de recherche, de transmission et d'échanges. Avec la mise en place de la résidence de fin de création Capucins Libre en 2018 et la participation au projet de la Bourse Project Chorégraphique : Expédition, les Théâtres de la Ville interviennent encore à un autre endroit de la création et accompagnent les artistes et collectifs dans la réalisation d'un projet en leur offrant le temps, l'espace et le soutien nécessaires à sa concrétisation.

À l'échelle européenne, les Théâtres de la Ville intègrent au cours des années divers réseaux comme l'European Theatre Convention (ETC) pour le théâtre, enoa (European Network of Opera Academies) et Opera Europa pour l'opéra ou encore TOUR DE DANCE, un réseau international de diffusion en danse contemporaine Belgique / Luxembourg / France / Pays-Bas / Allemagne. À cette même échelle, un chaînon supplémentaire dans le travail et le soutien aux artistes est lancé en 2022 avec le Future Laboratory, un projet de résidences de recherche porté par douze institutions européennes du champ du spectacle vivant, sous la coordination des Théâtres de la Ville de Luxembourg.

Direction **Tom Leick-Burns** Directrice adjointe **Anne Legill** Conseils juridiques **Alexandra Lux** Bureau de production **Michel Charles-Beitz, Antoine Krieps, Martine Kutten, Hélène Landragin, Melinda Schons, Tim Theisen, Joëlle Trauffler, Charlotte Vallé, Katja Wolf** Bureau technique **Ralph Ferron, Patrick Floener, Pierre Frei, Laurent Glodt, Gilles Kieffer, Jeff Muller** Relations publiques **Christiane Breisch, Jillian Camarda, Yasmine Kauffmann, Anne-Laure Letellier, Manon Meier, Nadia Recken, Sonia Rodrigues** Billetterie **Catherine Blanc, Roberto Cedano, Tanja Dötsch** Secrétariat administratif **Lara Carona Passinhas, Dominique Neuen, Svenja Schrot, Laurent Schoellen, Taby Thill** Comptabilité **Marc Molitor, Géry Schneider** Audio/Vidéo **Alexander Backes, Christophe Calmes, Benedikt Herz, Kevin Hinna, Holger Leim, Joël Mangen, Jonathan Ferreira Martins, Marc Morth sr., Marc Morth jr.** Lumière **Anne Beckius, Carlo Cerabino, Claude Dengler, Jonas Fairon, Max Heinen, Pol Huberty, Kevin Kass, Shania Kraemer, Bruno Markos, Fränz Meyers, Benjamin Muhr, Christian Pütz, Lex Risch, Guy Scholtes, Patrick Winandy** Machinerie de scène **David Almeida, Gilberto Da Silva, Helmuth Forster, Cyril Gros, Cay Hecker, Claude Hurt, José Mendes, Eric Nickels, Marco Nimax, Paul Nossem, Joé Peiffer, Andy Rippinger, Roland Schmit, Nadine Simon, Fabien Steinmetz, Yann Weirig** Atelier **Marc Bechen, Cristina Marques, Michel Mombach, Steve Nockels, Jérôme Thill, Robyn Vortex** Département habillage/maquillage/accessoires **Michelle Bevilacqua, Claire Biersohn, Anatoli Papadopoulou** Département maintenance infrastructures **Nathalie Ackermann, Dany Ferreira, Alfred Fuchs, Luc Greis, Claude Weis** Accueil **Zohra Chergui, Pit Clemen, Danielle Mantz, Maria Papillo, Isabelle Wirtz**


## Impressum

Photos de répétition **©Alfonso Salgueiro**
Impression **print solutions s.à r.l.**


ETC THEATRE GREEN BOOK CERTIFIED

saison

# 25·26

théâtre·s de la Ville de Luxembourg

VILLE DE LUXEMBOURG

théâtre • s de la Ville de Luxembourg
grand théâtre • 1, rond-point schuman • L-2525 luxembourg
théâtre des capucins • 9, place du théâtre • L-2613 luxembourg
www.lestheatres.lu • lestheatres@vdl.lu • lestheatresvdl